GEMENG
SANDWEILER

**Dossier suivéiert vum**
Schäfferot ☎ 359 711-207
✉ college.echevinal@sandweiler.lu

**CSV Sandweiler**
**Madamm Massard-Stitz**
**Här Dumong**
**Här Lemmer**

Sandweiler, den 30. Oktober 2025

**Betrëfft : Är Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 25. September 2025**
**Eis/Ref. : CSV - 2025.09.25 – CE - 3046-2025** **Är/Ref. : Äre Courrier vum 22. September 2025**

Madamm Simone Massard-Stitz,
Här Dumong,
Här Lemmer,

Heimadde gi mir Iech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot an der Gemengerotssëtzung vum 25. September 2025 hat.

**Fro 1:**

*"De 17.09.2025 gouf et onsen Informatiounen no en Totalausfall vum Internetaccès aus dem Informatiknetz vun der Gemeng.*

- *Wéi een Impakt hat dat op d'Aarbecht vun der Gemeng, de Maisons Relais, Schoulen, ... ?*
- *Wat war den technesche Grond fir dësen Ausfall?"*

**<u>Äntwert:</u>**

- *„Wéi en Impakt hat dat op d'Aarbecht vun der Gemeng, de Maison Relais, Schoulen,...?"*
  Den Ausfall ass vum 17.09 +/-15 Auer bis den 18.09 +--10 Auer geschitt - zudeem konnt um interne Server wärend där Zäit nach geschafft ginn, sou dass den Impakt relativ begrenzt war. An der Gemeng war haaptsächlech de Populatiounsbüro betraff, déi 1 Rendez-vous an 2 Persounen déi ouni Rendez-vous mat enger Ufro komm sinn, net konnten zerwéieren an en neie Rendez-vous hu missen ubidden. Am Atelier, déi un engem separate Reseau hänken, war just den DSK betraff – de Pointage huet missen nodréiglech manuell ugepasst ginn. Den Haaptproblem, souwuel an der Gemeng wéi och an der Maison relais an der Schoul war, dass keng E-Mailen eraus- oder erakomm sinn (déi awer no dem Ausfall ukomm sinn) an och keen Accès op d'Imprimante méiglech war. Vill Leit konnten sech awer selwer hëllefen an hunn iwwert en Hotspot mat hirem Handy nach déi wichtegst Aufgaben erleedegt.

- *"Wat war den technesche Grond fir dësen Ausfall?"*
  Den "DIA Service" (Dedicated Internet Access) vun der Gemeng sollt ofgeschalt ginn, well eis Internet Verbindung mëttlerweil iwwer "Connected Office" lafe sollt. Op Ufro vun der Post ass vun AC (Automation Center) confirméiert ginn, dass iwwert den DIA Service keng Connectivitéit méi zur Verfügung gestallt gëtt an se dofir supprimméiert kéint ginn – leider ass awer verpasst ginn, den Iwwergang vun dëser Connectivitéit ëmzestellen. D'Suppressioun huet also misse vun der Post



18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Boîte postale 11
L-5201 Sandweiler
Tél.: +352 35 97 11
Fax: +352 35 79 66
**info@sandweiler.lu**
**www.sandweiler.lu**

réckgängeg gemaach ginn, nodeems de Grond och identifizéiert ginn ass - wat eng Zäitche gedauert huet. Dës Connexioun soll elo nogeholl ginn Ufank Oktober – wou et da nees eng kuerz Interruptioun wäert ginn (ënnert 1 Stonn), déi dann an enger Mëttesstonn geplangt gëtt an och rechtzäiteg ugekënnegt gëtt.

**Fro 2:**

*"Fir Evenementer vun der Kulturkommissioun war scho puer mol déi franséisch Versioun an der Dropbox vun enger privater Firma publizéiert ginn.*

- *Ass dëst dem Schäfferot bekannt?"*

**Äntwert:**

Dës Fro ass an enger Geheimsitzung behandelt ginn.

**Fro 3:**

*"Um Facebookaccount vun der Gemeng sinn a leschter Zäit ëmmer nees Posts ze fanne wou d'Kommentarfunktioun aktivéiert ass, a bei aneren ass se desaktivéiert.*

- *No wéi enge Critèrë gëtt entscheet ob wéi eng Post d'Bierger kenne kommentéieren?*

*Et ass opgefall dass kritesch, net beleidegend Kommentarer verschwonn sinn an nodréiglech Kommentarfunktioun ofgeschalt gouf.*

- *Gi kritesch Kommentarer vu Bierger vun der Gemeng geläscht oder op onsichtbar geschalt?"*

**Äntwert:**

De Sandweiler Facebook-Site ass reng informativ.

Duerch e Manipulatiounsfeeler konnte Kommentare gemaach ginn.

Nodeems dat festgestallt ginn ass, sinn déi néideg Schrëtt ënnerholl gi fir dat ze änneren.

**Fro 4:**

*"Zënter e puer Woche gëtt um Futtballterrain geschafft, de Chalet an de Container, wou Material vum Fussball stockéiert goufe, sinn ewech gerappt ginn.*

- *Wat ass do geplangt?"*

**Äntwert:**

Well d'Gemeng zënter Joren d'Sportinfrastrukturen ënner anerem och déi vum Fussball vernoléissegt huet, hunn déi aktuell Gemengeverantwortlech op Wonsch vum Fussball eng provisoresch Léisung mat Containere (salle de réunion, stockage pour balles, buandererie, etc) gesicht fir d'Infrastrukture mol kuerz-, a mëttelfristeg ze verbesseren.

**Fro 5:**

*"Op der Seniorefeier huet Buergermeeschter erkläert, dat verschidden Aarbechten am Centre Culturel, de Comptoir an de PMR gerechte Lift fir op Bün, fäerdeg sinn an nach aner Aarbechten an deenen nächste 4-5 Méint ausstinn. Dem Gemengerot gouf kee Projet virgeleuecht. Mir stellen dofir follgend Froen:*

- *Wat vir eng Entreprise oder Architektebüro huet des Aarbechte geplangt?*

- *Wéi vill Entreprisen oder Architektebüroen si gefrot gi fir d'Transformatiounen ze plangen?*
- *Wat vir eng Firma huet de Comptoir montéiert a wat huet e kascht ?*
- *Wat vir eng Firma huet de Lift geplangt a wat huet e kascht?*
- *Wat vir eng Aarbechte ginn am Centre Culturel, déi nächst Méint realiséiert?*
- *Wat kaschten, déi eenzel Transformatiounen?*
- *Vir wat gëtt dëse Projet dem Gemengerot net virgestallt a votéiert?*
- *Mir fuerderen de Schäfferot op d'Pläng an Devisen dem Gemengerot ze presentéieren.*
- *Wat kascht déi néi Fassad a wat vir eng Firma huet dësen Optrag kritt?*
- *Sinn duerfir 3 Devisen ugefrot ginn ?*
- *Wärend den Aarbechte soll de Centre Culturel e puer Méint zou si, wou kennen an dëser Zait Kommissiounen hir Versammlungen ofhalen?"*

**Äntwert:**

Déi aktuell Gemengeverantwortlech hunn effektiv en neie Comptoir (Offer 59.915.70 Euro KNAF-BUCHLER s.à.r.l.), e PMR gerechte Lift fir op Bün ze kommen, installéiert (Offer 23.775 Euro ZZED), d'Kichen "à jour" gesat (Offer 16.763,76 Euro RAMILUX s.à.r.l.).

Alles gëtt natierlech am Respekt vum "Marché public"-Gesetz gemaach an den Decompte kritt dir natierlech an enger Gemengerotssitzung virgeluecht.

Am Ufank huet de Schäfferot geduecht hie kënnt de "Refresh" vum Centre culturel mat engem klenge Budget maachen, leider huet et sech erausgestallt dat no 40 Joer esou grouss Investissementer ze maache sinn, dat dorausser e grousse Projet géif ginn.

De Gemengerot kritt natierlech de Projet "le moment venu" virgestallt.

**Fro 6:**

*"De Gemengerot huet an der Gemengerotssitzung vum 19.12.2024 d'Renovatioun an Extensioun vum Scoutschalet vu bal 1 Millioun Euro gestëmmt. Virum Congé collectif huet AC Construction am Scoutschalet geschafft, nom Congé si keng Aarbechte méi ugaangen.*
*Duerfir stelle mir follgend Froen:*

- *Wat vir eng Aarbechten huet AC Construction gemaacht?*
- *Wat hunn dës Aarbechte kascht?*
- *Sinn do 3 Devisen ugefrot ginn?*
- *Firwat gouf keng ëffentlech Ausschreiwung gemaacht, bei sou engem héije Montant?*
- *Wëll de Schäfferot all eenzel Aarbechten un eenzel Betriber ginn, fir keng Ausschreiwung brauchen ze maachen?*
- *Wa jo, wéi vill eenzel Betriber ginn da gefrot?*
- *Wat waren déi eenzel Devisen?*
- *Musse Beem ewech gemaacht gi souwuel fir den Ausbau, wéi fir de Chalet mat den Toilettë virun der Dir?*
- *Gett de Steeg ewech geholl deen nieft dem Chalet ass?"*

**Äntwert:**

De Schäfferot erënnert lech drun, dass de Gemengerot den Avant-Projet définitif mat Devis virgestallt krut. Dir hutt deemools alles am Gemengerotsdossier matgedeelt kritt.

D'Gemeng huet d'"Marché public"-Gesetz respektéiert bei den Ausschreiwungen ënnert der Verantwortung vum Architekt.

De Gemengerot kritt den Decompte virgeluecht wann d'Aarbechten ofgeschloss sinn.

No Récksprooch mam Fierschter deelt de Schäfferot lech mat, dass kee Bam muss ëmgemaach ginn.



18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Boîte postale 11
L-5201 Sandweiler
Tél.: +352 35 97 11
Fax: +352 35 79 66
**info@sandweiler.lu**
**www.sandweiler.lu**

Esou e Chantier ass natierlech vun de Wiederkonditiounen ofhängeg, dofir kann et sinn, dat dir de Verdacht hutt, dass : "*...Virum Congé collectif huet AC Construction am Scoutschalet geschafft, nom Congé si keng Aarbechte méi ugaangen...*"!

**De Schäfferot,**

| | | |
|---|---|---|
| Corine Courtois,<br>Schäffin | Claude Mousel,<br>Buergermeeschter | Georges Reuter,<br>Schäffe |